Association des Enrôlés de Force
VICTIMES DU NAZISME

Luxembourg, le 1o juin 197o.

# C I R C U L A I R E
## un all Sectio'nen

Le'w Kameroden!

Mir bieden all Sectio'nen eso'we' an der Delege'erteversammlung beschloss:

1. - d'Sectio'nscomitéen sollen alles versichen an önner huelen eventuell "en collaboration" matt den nopesch Sektio'nen eso' vill Member ewe'meglech zu deser Manifestatio'n ze mobilise'eren. <u>K e n g   S e k t i o ' n   d e r f   f é l e n !!!</u>

2. - All Sectio'n soll dofir surgen datt kengem Member Fraien fir den Autocar entstinn. D'Fahrt soll gratis sin.

3. - All Sectio'n soll 2 Member désigne'eren fir Transparenter ze droen, de' beim Camion, dén prett stét, ewech ze huelen sin.

4. - Mir bieden all Sectio'nscomitéen dofir ze suergen datt hir Member strikt dem Ordnungsdengscht Follesch léschten. Ott därf nött firkommen datt ons Manifestatio'n duerch illegal Aktio'nen hire bestemmten, mé wirdege Charakter verle'ert.

5. - De' Iech zo'geschekte Bre'f fir èr Member musst Dir hinnen so'fort zo'kommen lossen, nodém Dir d'Auer an d'Platz vum Départ vun dem Autocar selwer agedroen hut. Mir sin iwerzégt datt Dir alles mâcht datt ower och kén vergiess gött. Och Frönn a Bekannten de' nött Enrôlés de Force sin soll Dir invite'eren (z.B. Médaillés de la reconnaissance nationale).

6. - Weider sollen all Sectio'nen dén an der Delege'ertenversammlung festgeluegte Betrag vun 1o,- frs pro Member als "Fond d'action" zu deser Manifestatio'n eso' bal ewe'meglech op de Postchèque Nr. 31 329 iwerweisen.

<u>Dofir Kameroden setzt iech derhanner!!!</u>

Matt beschte Gre'ss fir den C.C.

sign.: Jos. WEIRICH